

4. 5765 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée à Junglinster (suite)

De Vote iwwert dëse Projet de loi fänkt elo un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5765 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. John Castegnaro), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. Interpellation de M. Jean Huss au sujet de la politique du Gouvernement en matière de pollution de l'habitat et de la qualité de l'air intérieur (suite)

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant la priorité donnée à la prévention en matière de santé publique;

- considérant dans ce contexte le rôle de plus en plus important du principe de précaution et de la prévention primaire en matière de santé environnementale;

- considérant les programmes de recherche (CAFE, THADE) et les programmes successifs en matière de santé environnementale de l'OMS, de l'Agence Européenne de l'Environnement et de l'Union Européenne qui insistent de plus en plus sur la qualité de l'air intérieur;

- considérant l'importance accordée à la problématique de la pollution de l'habitat par des produits ou matériaux par la conférence des Ministres de l'Environnement européens, le 20 décembre 2007 à Bruxelles;

- considérant que d'un point de vue scientifique et médical, les organisations internationales ainsi que des études scientifiques de plus en plus nombreuses établissent des liens ou associations entre les milieux intérieurs pollués, les expositions chroniques à faible dose de contaminants chimiques, biologiques ou de radiations diverses et des pathologies chroniques (migraines, infections, allergies cutanées ou respiratoires, asthme, maladies infantiles, etc.);

- rappelant dans ce contexte le colloque scientifique relatif à la qualité de l'air intérieur et à la médecine de l'environnement, organisé sous la responsabilité du Ministère de la Santé pendant la Présidence luxembourgeoise du Conseil de l'Union Européenne en 2005;

- rappelant par ailleurs les résultats d'analyses effectuées par le Service de Médecine de l'Environnement en collaboration avec le

Laboratoire National de la Santé et d'autres laboratoires;

- considérant le fait que nous passons en moyenne 80-90% de notre temps dans les milieux intérieurs et que la qualité du milieu intérieur s'avère donc extrêmement importante;

- considérant le nombre élevé de contaminations diverses constatées dans de nombreuses habitations luxembourgeoises par le Service de Médecine de l'Environnement;

- considérant le fait qu'en plus des habitations privées, des contaminations diverses ont aussi été mesurées et constatées dans certains bâtiments publics, y inclus des écoles ou crèches hébergeant des enfants, évidemment plus sensibles;

- considérant que la pollution de l'habitat et le syndrome des bâtiments malsains («sick building syndrome») sont donc une réalité courante aussi dans notre pays;

- considérant d'un côté la qualité des mesures et analyses effectuées par nos services sanitaires;

- considérant d'un autre côté les moyens en personnel limités et le caractère trop limité des missions du Service de Médecine de l'Environnement (SME);

- considérant finalement qu'une politique de prévention en matière de santé environnementale et donc la prévention de troubles sanitaires causés par des milieux intérieurs contaminés ne peut pas uniquement être assuré par le travail du SME, mais devrait inclure des mesures préventives d'information, de recherche et de formation en matière de construction, de choix de matériaux et de sécurité des produits, incluant donc diverses professions et corps de métier du secteur de la construction et l'administration des Bâtiments publics;

invite le Gouvernement à

- évaluer l'expérience acquise dans notre pays dans le domaine de la santé environnementale tant au niveau des analyses d'expositions en milieu intérieur qu'au niveau du traitement médical et de la prise en charge par la Sécurité sociale;

- favoriser des projets de recherche ou projets pilotes basés sur les résultats des évaluations mentionnées ci-dessus;

- favoriser la coopération et la coordination entre les acteurs impliqués dans le domaine de la santé environnementale en leur attribuant les moyens financiers, logistiques et personnels nécessaires pour mener à bien leurs missions;

- sensibiliser et informer le public, mais surtout les professionnels de la construction, en proposant des formations ou informations en matière de matériaux de construction ou de produits usuels;

- prévoir un renforcement personnel et logistique du Service de Médecine de l'Environnement ainsi qu'une redéfinition plus large de ses missions;

- prendre soin préventivement, dans tous projets nouveaux de construction ou de rénovation de bâtiments publics, afin que des contaminations de toutes sortes - chimiques, biologiques ou physiques - soient évitées;

- réfléchir à l'offre de nouvelles formations médicales en matière de santé environnementale pour les médecins intéressés et des médecins du contrôle médical;

- participer activement aux programmes internationaux CEHAPE (OMS), NEHAP (UE) et à prévoir l'investigation des milieux intérieurs publics destinés à accueillir les enfants, telle que pratiquée par des projets pilotes dans certains pays voisins.

(s.) Jean Huss, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach ofzestëmmen iwwert d'Motioun, déi den honorabelen Här Huss haut de Moien déposéiert huet am Kader vu senger Interpellatioun.

Ass de Vote électronique gefrot bei där Motioun, déi vun der Regierung ugeholl ginn ass?

(Brouhaha général)

» Mme Anne Brasseur (DP).- Här President, den Här Berger hat de Moien nach een Amendement erabruecht.

» Plusieurs voix.- Deen ass och ugeholl.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Jo, mä ech wollt awer soen, dass deen an der Motioun mat dran ass. Duerfir, et ass den amendéierten Text.

» M. le Président.- Den Amendement...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Wann ech gelift, ech géif awer ëm e bëssen Opmierksamkeet bieden!

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG), interpellateur.- Här President!

» M. le Président.- Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG), interpellateur.- Här President, de Moie war nach en Amendement dozou proposéiert gi vum Här Berger, mat deem mer alleguerete konnten d'accord sinn. Och d'Regierung konnt mat deem Amendement d'accord sinn, esou datt mer d'Motioun elo einfach par main levée kënnen ofstëmmen.

» M. le Président.- Jo, dat war jo de Moien alles esou festgehalé ginn um Enn vun der Sitzung hei, duerfir sinn all Diskussiounen superfétatoire a mir kommen zum Vote. Et ass kee Vote électronique verlaangt, duerfir stëmme mer par main levée of.

Vote

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Wien ass géint d'Motioun?

Wien enthält sech?

Ech gesinn, d'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen dann zum Projet de loi iwwert d'Ofännerung vum TVA-Gesetz. De Rapporteur, den honorabelen Här Hauptert, huet elo d'Wuert a soss keen!

Här Bettel, bei dem demokratesche Grupp ass den Här Goerens ageschriwwen.

6. 5797 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den urspréngleche Projet 5797 huet dräi verschidden Deeler virgesinn: en éischten Deel, deen d'Ëmsetzen an d'national Gesetzgebung vun dräi europäeschen Direktive virgesinn huet; en zweeten Deel, deen d'Aféierung vun engem Représentant fiscal am Beräich vun der TVA an eis national Gesetzgebung virgesäit, an en drëtten Deel, deen d'Ännerung vum Rekursrecht géint de Steuerbescheid oder eng Décisioun vun der Verwaltung respektiv vum Verwaltungsdirekter virgesinn huet.

Wat deen drëtten Deel ubelaangt, dee gouf relativ kontrovers an der Kommissioun diskutéiert, an a sengem Avis huet de Statsrot gesot, vu dass eng Urgence bestanen huet, wat d'Ëmsetzung vun den Direktiven ubelaangt, huet hien säin Avis misse relativ schnell huelen an doduerch konnt hien deen drëtten Deel net aviséieren. Doropshin huet d'Kommissioun beschloss, am Averstännis mat der Regierung, deen drëtten Deel, dat heescht d'Ännerunge vum Rekursrecht, aus dem Projet erauszehuelen an dass dee bei enger nächster Ännerung vun deem TVA-Gesetz géif an enger iwwerschaffter Versioun iwwerholl ginn.

Wat deen éischten Deel ubelaangt, d'Ëmsetze vun deenen dräi europäeschen Direktiven, do ass eng éischt Direktiv, d'Direktiv 2006/98/CE, déi d'Applikatioun vun den Iwwergangsmoosssname beinhaltet, déi am Beräich vun der TVA fir déi nei Bäitrëttslänner virgesi sinn, déi virgesäit, dass déi Direktiv op Bulgarien a Rumänien iwwerdroe gëtt.

Dës Iwwergangsmesure gesäit vir, dass déi Wueren, déi virun dem Bäitrëtt vun deenen zwee Länner an d'Europäesch Unioun, a besonnesch dann hei fir Lëtzebuerg an eist Land, ënner engem aneren Douanesregime agefouert gi sinn, müssen an den Iwwergangsbestëmmungen extra behandelt ginn, an dat fir ze verhënneren, dass se entweder zweemol oder guer net géife besteiert ginn. Ech mengen, dës Direktiv concernéiert eist Land ganz minim, well mer bis elo relativ weéneeg Wuerverkéier mat deenen zwee Länner haten.

Déi zweet Direktiv, d'Direktiv 2006/69/CE, huet zwee Voleten:

Deen éischte Volet gesäit vir, dass bis den 1. Januar 2008 sämtlech Länner deen Deel,

wat eng nei Definitioun vun der Valeur normale ubelaangt, an hir Gesetzgebung obligatoresch müssen ëmgesat hunn.

Deen zweete Volet gesäit méi eng fakultativ Dispositioun vir, dat heescht, dass d'Länner am Zweifelsfall bei enger Besteuerung dee Wäert, deen op der Facture steet, duerch d'Valeur normale kënnen ersetzen, an dat a ganz präzise Fäll, déi an der Direktiv extra virgesi sinn.

D'Kommissioun huet am Fong iwwert déi Bestëmmungen och eng kontrovers Diskussioun gefouert. Si huet besonnesch Problemer gesinn, a welleche Fäll deen normale Wäert de Rechnungswäert kéint ersetzen a wat besonnesch déi Valeur normale kéint ausmaachen. Vu dass den zoustänneg Minister eis informéiert huet, dass de Moment d'Kommissioun vun der Europäescher Unioun amgaangen ass, iwwer eng nei Direktiv ze bestëmmen, wat d'TVA iwwert d'Finanz- an d'Versécherungsservicer ubelaangt, an dass och nach d'Kommissioun nei Moosssname géint d'TVA-Hannerzéiunge virgesinn huet, huet d'Kommissioun doropshin erëm eng Kéier am Averstännis mat der Regierung decidéiert, fir déi fakultativ Dispositioun vun dëser Direktiv de Moment net ëmzesetzen an ze waarden, bis dass déi nei Direktiven an d'Haus géife kommen.

Et gouf och nach eng drëtt Direktiv, dat ass d'Direktiv 2006/112/CE, déi am Fong geholl déi éischt an déi sechst Direktiv vun der TVA ersetzt; dat ass eng allgemeng Direktiv iwwert d'TVA-Gesetzgebung an der Europäescher Unioun, souzesoen eng Directive coordonnée, déi déi verschidden Ännerungsdirektiven aus de leschte Joren an engem Text zesummefaasst. Vu dass Lëtzebuerg, au fur et à mesure wéi déi verschidden Direktiven op eis zoukomm sinn, déi Texter an eis Gesetzter ëmgesat huet, sinn déi meescht Dispositiounen vun dëser Direktiv schonns ëmgesat, esou dass am Fong net méi vill iwwreg bliwwen ass, fir eis Gesetzgebung am Liicht vun dëser Direktiv ze änneren.

Den zweeten Deel vun dësem Projet gesäit d'Aféierung an eis Gesetzgebung vun dem Représentant fiscal am Beräich vun der TVA vir. D'Regierung hat eng Etüd an Optrag ginn, fir ze kucken, wéi wäit dass am Fong geholl Lëtzebuerg kéint an de Logistikaktivitéiten, besonnesch am Beräich vun der Aktivitéit, déi d'Cargolux hei zu Lëtzebuerg féiert, wéi déi Aktivitéite kéinte fir Lëtzebuerg eng nei Nisch erschleissen.

Déi Etüd huet erginn, dass et am Fong geholl e ganz attraktive Beräich fir eis Économie wär, besonnesch am Sënn vun der Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft, mä dass een Hoke géif bestoen, nämlech dass déi Länner, déi net an der EU etabléiert sinn, Problemer gesinn hunn, besonnesch fir hir administrativ Aufgaben am Beräich vun der TVA hei ze léisen.

Aner Länner hunn dee Représentant fiscal an hirer Gesetzgebung virgesinn, e Représentant fiscal, deen och iwwert déi Direktiv 2006/112 virgesinn ass, an déi Etüd huet virgeschloen, dass Lëtzebuerg och soll esou ee Représentant fiscal a senger Gesetzgebung virgesinn. Dat gëtt mat dësem Projet de loi virgeholl.

De Projet de loi gesäit d'Konditiounen vir fir sech als Représentant fiscal hei zu Lëtzebuerg ze etabléieren a wéi besonnesch de Fonctionnement vun esou engem Fiskalvertrierder hei zu Lëtzebuerg géif iwwert d'Bühn goen.

Dat sinn am Fong geholl déi wichtegst Dispositiounen vun dësem Projet de loi. Ech mengen, mir hunn dat an der Kommissioun, wéi gesot, scho kontrovers diskutéiert. Mir hu jo och opgrond vun deenen Diskussiounen verschidden Dispositiounen vum urspréngleche Projet erausgelooss. D'Kommissioun huet de Rapport vun dem Rapporteur, also mäi Rapport, unanime ugeholl a si schléit och der Chamber vir, fir de Projet, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Ech bréngen och domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!